N°2271
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Iwwert 5.000 Persoune schaffe bei den CFL mam Zil, fir Lëtzebuerg um Rullen ze halen.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°949 hat d'Ministesch méi detailléiert Donnéeën iwwert d'Personalsituatioun bei den CFL geliwwert.

Wärend d'Gesamtbeleegschaft ëm 8% (ronn 400 Leit) gewuess ass, fällt d'Kategorie "Hors Statut CFL" op, wou d'Belegschaft a véier Joer ëm ronn 75% gewuess ass (vun 127 op 223 Persounen).

An der Äntwert op meng lescht Fro n°2111 erkläert d'Ministesch, dass fir dës Mataarbechter
*"déi selwecht Aarbechtskonditiounen applicabel [sinn] wéi beim Personal ënner dem "Statut du Personnel CFL", ausser spezifesch am Aarbechtskontrakt gereegelt Bestëmmungen."*

D'Ministesch erkläert och, firwat d'Leit am Statut vum Hors-Cadre agestallt ginn:
*"Dëse Wuesstum ass ze erklären duerch e verstäerkte Besoin am Kader vun de ville Projeten an der Infrastruktur, vum Ausbau an der Optimiséierung vum Service public a vun der Digitaliséierung an allen Aktivitéite vum Groupe CFL. Dës Entwécklung erfuerdert e verstäerkte Besoin un héich qualifizéierter Expertise an Féierungsfunktiounen."*


An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch d'Personalkäschten fir de Grupp Hors-Cadre fir 2020 an 2023 (an eventuell schonn 2024) oplëschten?
2. Kann d'Ministesch d'Personalkäschten vun de verschiddene Karrièren beim den CFL (I,A, M, S, B) fir d'Joren 2020 an 2023 (an, wa méiglech, och schonn 2024) oplëschten?
3. Wat ass déi duerchschnëttlech a median Anciennetéit vun de Persounen, éiert se an de Statut "Hors Cadre" promouvéiert/affektéiert ginn?
   A wat war hire leschte Grad am CFL-Statut virun dëser Promotioun?
4. 1. Bei wéi ville vun de Kontrakter vun den Hors-Cadres gëllen

   d'Aarbechtsschutzmoossnahmen souwéi d'Disziplinarprozedur vum CFL-Statut a wéi vill Kontrakter lafen iwwert dat normaalt Aarbechtsrecht (Code du Travail)?
   2. Wéi bewäert d'Ministesch den Aarbechtsschutz vum Salarié am CFL-Statut am Verglach mat deem vum Code du Travail?
   3. Ass d'Ministesch der Meenung, dass den CFL-Statut d'Salariéeë besser schützt? Falls nee, u wéi enge Krittäre mécht si dat fest?

5. Wéi vill Persounen goufen tëschent 2019 an 2024 bei den CFL entlooss
   1. ënnert de Reegele vun Disziplinarmoossnamen, déi am CFL-Statut virgeschriwwe sinn ?
   2. op Basis vum Aarbechtsrecht?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Deputéierten

www.piraten.lu